Generalversammlung vum 19.1.2012

Ufank 19.00 Auer

Vum Comité ware present: Alphonse Bressanutti (President), Jim Unsen (Éierepresident), Jean Biever (Vizepresident), Nicolas Laux (Trésorier), Roger Thill (Webmaster a Verwalter vum Fichier), Kirsch Siggy, Jeannot Kolber, Ley Luc, Ralph Kugener, Streff Marco

Net do an entschëllegt: Laurence Seyler-Moris (Secrétaire),

dësweidere ware présent: Théo Thill (Direkter vun der Schoul), 2 Vertrieder vun der Elterevereenegung an 11 Memberen. Am total waren 24 Persoune présent.

René Tissier (Éierendirekter vun der Schoul), Mme Nies-Berchem Martine (Directrice Adjointe vun der Schoul), Vertrieder vun de Scouten, a Vertrieder vum CoCu hate sech ofgemellt.

Begréissung duerch de President. De President Alphonse Bressanutti begréisst d'Membere vun der Amicale, den Direkter a Vertrieder vun der Elterevereenegung. E grousse Merci vun him geet un d'Comitésmembere fir déi gutt Zesummenaarbecht.
E grousse Merci och un d' Direktioun fir déi gutt Zesummenaarbecht esou wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall wor.
Och e Merci fir d'Zesummenaarbecht mam CoCu, Loups Blancs an der Elterevereenegung mat deene mir eis Aktiounen organiséiere konnten. Mir wäerten och an Zukunft Aktivitéiten zesumme plangen.
E Merci geet och un déi eelere Memberen, déi haut aus Altersgrënn net méi kënnen dobäi sinn. Si woren déi, déi d'Fundament vun der Amicale geluet hunn. Si kréie weider eis Noriichten a solle wëssen dass si net vergiess sinn.
De President freet eng Gedenkminutt fir un all eis verstuerwe Memberen ze gedenken.

Aktivitéitsbericht Exercice 2011

20. Januar 2011 Generalversammlung mat uschléissendem klengen Iessen.
Vum Comité wore présent : Biever Jean, Laurence Seyler-Moris, Laux Nicolas, Thill Roger, Kirsch Siggy, Kolber Jeannot, Ley Luc, Kugener Ralph a Bressanutti Alphonse
Net do an entschëllegt : Unsen Jim
Net do a net entschëllegt : Klein Carlo
mat hinnen, waren dësweidere présent : René Tissier Éierendirekter vun der Schoul, Théo Thill Direkter vun der Schoul, Vertrieder vun de Scouten, Elterevereenegung a CoCu. Am Total waren ± 25 Persounen den Owend dobäi.

Den Ordre du jour war de normale Programm den eng Generalversammlung virgesäit.
Begréissung duerch de President Alphonse Bressanutti
Aktivitéitsbericht vun der Secrétairin Laurence Seyler-Moris
Caissëbericht vum Trésorier Nicolas Laux
Déi 2 Berichter goufen ouni Géigestëmm ugeholl
Bestëmmung vun de Caisserevisore Pierre Legille a Roger Mahr
Neiwal vu verschidde Memberen esou wéi Statuten dat virgesi
Propositioun vu méiglechen Aktivitéite fir 2012
Fräi Aussprooch
Schlusswuert vum Direkter Théo Thill

Et goufen 5 Comitéssëtzungen ofgehalen an zwar: 28.2. / 2.5. / 6.6./ 22.9 / 5.12. /

2 Infoblieder goufe publizéiert

Aktivitéiten:
20.1. Generalversammlung
16.2. Generalversammlung CoCu
12.3. an 21.5. Porte Ouverte
23.3. Dolomiten-Schottland „Dia“Virtrag vum Här John Decker Prof am LTPEM
7.4. Virstellungsgespréich mam Här Jean-Pierre Dahm
8.4. Journée Commémorative Mme Vve Emile Metz-Tesch
20.5. Octave
5.7. Remise des Certificats d'Initiation au Sécourisme
14.7. Remise des Certificats zu Walfer. De Schüler Bojidan Popov krut vun eis e Präis vun 80 €
13.10. Konferenz Internet, soziale Netzwerke, Handy, Videospiele Vum BEE Secure mam Här Geoges Knell, dipl. Psychologue
20.10. Generalversammlung Elterevereenegung
11.11. Generalversammlung Scouten
30.11. CoCu Remise Chèque aus dem Stonnelaf

Aktivitéitsbericht gëtt vun der Assemblée ugeholl.

Caissëbericht vum Trésorier. Einnamen: 3538,88 €, Ausgaben: 2548,55 €, Boni: 990,30 €. D'Caisserevisore Roger Mahr a Pierre Legille hunn d'Caisse kontrolléiert, kee Feeler fonnt a bieden d'Assemblée de Caissier ze entlaaschten. D'Generalversammlung gëtt hiren Accord.

Néi an al Caisserevisore sinn: Roger Mahr a Pierre Legille

Neiwale vum Comité. Memberen déi austrieden an hir Kandidatur erëm stellen: Biever Jean, Laurence Seyler-Moris, Thill Roger, Kirsch Siggy, Ley Luc, Unsen Jim
De Streff Marco den am Laf vum Joer an de Comité koum .
Neie Comitésmember ass de Scheid Dan.
All déi Membere gi vun der Assemblée bestätegt.

Méiglech Aktivitéite fir 2012:

Samsdeg den 5. Mee Trëppeltour d'Sidérurgie am Uelzechtdall ±3 Stonnen / ± 7-9 km
29.3. Virstellungsgespréich mam Här Jean-Pierre Dahm
10.3. a 12.5. Porte Ouverte
30.3. Journée Commémorative Mme Vve Emile Metz-Tesch
4.5. Octave
12.7. Remise des Certificats

Fräi Aussproch

Bemierkungen zum Trëppeltour:
Samschdeg ass e schlechten Dag. Déi am Beruffsliewen aktiv Persoune sinn dësen Dag ganz oft beschäftegt. Et gëtt Sonndes um 15.00 Auer virgeschloen.
De ganzen Tour ass kilometer- an zäitméisseg ze laang (Dommeldange-Gare, Raspert, Weimerskirch, Lavalspark, Place Dargent, Aal Eecher Schmelz, Rue Emile Metz, rue d'Eich, Pilatusbierg, rue Tinant, rue Cyprien Merjai, Beggerner Schlass (Ambassade de Russie), rue des Hauts-Fourneaux, Collart-Schlass (Ambassade de Chine), Dommeldange –Gare.
Mer proposéieren en ½ Tour d.h. Dommeldange-Gare, Raspert, Weimerskirch, Lavalspark, Place Dargent, Aal Eecher Schmelz, Rue Emile Metz, rue d'Eich, Dommeldange-Gare.

Déi zweet Halschent gëtt am Hierscht gemaach.
De President kontaktéiert den Här Theato an dësem Sënn.

De CNA huet 2119 Glasplacken digitaliséiert an op 2 Harddisken ofgelueden, wouvun d'Schoul a mer je een Disk hunn. D'Schoul an d'Amicale kënnen d'Fotoe frei gebrauchen. E Frieme muss en Accord vun der Schoul a vun eis hunn en plus muss hien dem CNA droit d'auteurs bezuelen.

2013 ass 100 Joer – Feier vun der Schoul. Eng Journée des Anciens ass virgesinn. Et geet en Appel fir Adresse vu fréier Schüler ze sammelen.

En Appel geet u jonk Leit fir am Comité matzeschaffen.

Aus Zäitgrënn démissionéiert de Kolber Jeannot als Comitésmember. Mer soen him e grousse Merci fir seng wäertvoll Aarbecht a speziell fir séin a senger Fra hiren Asaz bei der Porte Ouverte.

Schlusswuert vum Direkter Theo Thill.
Den Här Thill sträicht d'Wichtegkeet an den Engagement vun der Amicale fir d'Schoul ervir. Déi gutt Mataarbecht bei der Porte Ouverte wéi beim CNA ginn ernimmt.
Dësweidere mécht hien en Homage un den Här Jean Majerus 1. President vun der Amicale. Duerch dem Här Majerus seng minutiéis Aarbecht hunn d'Glasplacken hiren onschätzbare Wäert behalen.

19.30 Enn vun der Assemblée.

Duerno Buffet mat Dessert a Kaffi

Secrétaire f.f.

Alphonse Bressanutti.